ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. August 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

D'Regierung wëll bekanntlech de Cannabis als sougenannte „Genossmëttel" legaliséieren, ma et stellen sech awer Froe mat der Konformitéit vun eisem Land zu sengen internationalen Obligatiounen. Am internationalen, ëffentleche Recht gëtt et eng Rei vu Konventiounen, déi Droge betreffen an an deenen de Cannabis och explizitt genannt a verbuede gëtt.

Am Kader vun der UNO z.B. zielen zu deene wichtegste Rechtsinstrumenter an dësem Beräich:

_Ofkommes vun de Vereenten Natioune géint den onerlaabte Verkéier mat Suchtstoffer a psychotrope Substanze vum 20. Dezember 1988 (vu Lëtzebuerg ratifizéiert den 28. Juli 1992)

_Ofkommes iwwer psychotrop Substanze vum 21. Februar 1971 (vu Lëtzebuerg ratifizéiert) (Lëtzebuerg ass de 7.Februar 1991 bäigetratt)

_Eenheets-Ofkommes iwwer Suchtstoffer vum 30. Mäerz 1961 (vu Lëtzebuerg den 13. Oktober 1976 ugeholl)

An deem Kontext wollte mir der Madame Gesondheetsminister an dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

1. Sinn d'Pläng vun der Regierung fir eng Cannabis-Legaliséierung mat dësen internationale Rechtsinstrumenter compatibel?

2. Wou gesäit d'Regierung méiglech Spannungsfelder tëschent eisen internationalen Obligatiounen an hire Pläng de Cannabis zu rekreativen Zwecker ze legaliséieren?
3. Wëll d'Regierung dës Accorden eventuell kënnegen?
4. Wéi eng Resultater hat den Dialog mat eisen Nopeschlänner, d'Regierung hat jo scho verlaude gelooss datt de Kontakt gesicht ginn ass?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742